



Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n° 6751 vum honorabelen Deputéierte Claude Lamberty zum Sujet « Secours aux animaux domestiques en cas d'incendie »

Als éischt wëll ech dem Deputéierten den Artikel 1 vum ofgeännerte Gesetz vum 27. Mäerz 2018 iwwert d'Organisatioun vun der ziviller Sécherheet rappeléieren, dee seet : “La sécurité civile a pour mission la protection des personnes, des animaux, des biens et (...)”.

Am Fall vun engem Brand an engem Privathaus ginn et 3 Situatiounen, déi sech stelle kënnen:

1. D'BewunnerInne vum Haus waren doheem a konnte sech mat Zäit a Sécherheet bréngen. An deem Fall informéieren d'BewunnerInnen d'Pompjeeën, ob eventuell nach Hausdéieren am Gebai sinn, an d'Pompjeeë gi se sichen.
2. D'BewunnerInne sinn nach am Haus. An deem Fall duerchsichen d'Pompjeeë systematesch all Raum a rette souwuel Mënsch wéi Déier.
3. D'Pompjeeë wësse net, ob sech nach Leit oder Hausdéieren am Haus befannen. Och dee Moment gëtt eng systematesch Sich vun all de Raim an d'Weeër geleet.

Et ass mir net bekannt, ob et eng Initiativ mat Stickeren, wéi den Deputéierten se beschreift, zu Lëtzebuerg gëtt.

Wa kee Sticker op der Bréifkëscht pecht, kënnen d'Pompjeeën net *per se* dovun ausgoen, datt keen Hausdéier am Gebai ass, genau sou wéineg, wéi se dovun ausgoe kënnen, datt forcément en Hausdéier am Gebai ass, wann e Sticker op der Bréifkëscht pecht. Aus deem Grond, an och well d'Pompjeeë souwisou bei engem Brand d'Raim vun engem Wunnhaus duerchsichen, gesinn ech keng Plus-value a sou engem System.

Bei Bedarf gräift de CGDIS op säi “Groupe de sauvetage animalier” zréck, an deem och Vétérinaren aktiv sinn, fir blesséiert Déieren ze versuergen.

Lëtzebuerg, de 07/09/2022.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding